NEWSLETTER MÄERZ 2026

Aktivitéite fir d'Famill an Iddie fir Schoulen

Loscht erëm eraus ze goen an déi frësch Loft ze genéissen?

D'Fréijoer kënnt, an duerfir proposéiere mir lech **eng ganz Rei spannend Entdeckungen**: lauschtert de Vullegesank um Bord vun engem Fiichtgebitt, schmaacht wëll Planzen, déi een iwwerall an eiser Bëscher fënnt a staunt iwwert d'Biodiversitéit, déi an den ale Minnen en neit Doheem fonnt huet.

An dësem Newsletter proposéiere mir lech **Rendez-vousen, fir d'Natur vun no ze erliewen** - als Famill oder mat Frënn - a proposéieren Ateliere fir Schoulen a Jugendlecher. Alles wat Dir braucht ass **e bëssen Zäit an eng Portioun Virwëtz**.

Är Ekipp vun der Minett UNESCO Biosphere.

AKTUELLES AUS DER BIOSPHÄR

Wat war an der Lescht lass an der Minett UNESCO Biosphere?

Hei ass e klengen **Iwwerbléck vun der Aktualitéit** aus dem eenzege Lëtzebuerger UNESCO-Biosphärereservat.

Interreg
Grande Région | Großregion
ATRACT-AB

De Minett Trail am Europa-Parlament presentéiert

Eng schéi Visibilitéit fir de Minett Trail - an domat och fir eis Biosphär: hir Landschaften, hir Natur an hire Patrimoine waren Deel vun enger Expo iwwer nohaltegen Tourismus zu Bréissel. D'Minett UNESCO Biosphere hat déi grouss Éier Lëtzebuerg tëscht all den anere Länner vum Kontinent ze vertrieden.

ARTIKEL IWWERD'EXPO AM EUROPA-PARLAMENT

E spezielle "Stammdësch" zu Bieles

Am Kader vun eisem Projet eLo, dee vum Interreg Programm vun der Groussregioun gedroe gëtt, hu mer d'Liewen zu Bieles an engem Buch festgehalen. Um Stammdësch am Café „beim Mimmchen" hunn sech Auteuren an Awunner begéint an aus dësem kulturelle Rendez-vous ass e Buch entstanen, wat d'Séil vun eiser Regioun spigelt.

ENTDECKT DÉI BIELESSER GESCHICHTEN

EIS BIOSPHÄR GEMEINSAM ENTDECKEN

Verpasst op kee Fall déi **nächst Ateliere vum Minett Natur an Ëmwelt Léier Lab**, déi mir lech bis Enn Abrëll proposéieren.

D'Participatioun un all eisen Atelieren ass **gratis**. Dir musst just lech just **am Virfeld umellen**.

Beréngung am Schëfflenger Brill

Wéini: Samschdeg, 28/03/2026, 09:00-12:00
Wou: Naturschutzgebitt Brill, Schëffleng
Sproochen: LU / DE / FR

Kommt d'Naturschutzgebitt Brill entdecken - e Fiichtgebitt voller Iwwerraschungen, am Häerz vun enger staark urbaniséierter Géigend. Mat Spezialist:innen léiert dir **Villercher z'erkennen an ze bestëmmen**… an dir kënnt och gesinn, wéi d'**Beréngungsstatioun fir Zuchvulle** funktionéiert. Eng ideal Aktivitéit fir Virwëtzeg - kleng a grouss.

MELLT IECH HEI UN

Minetter Hielendéieren

Wéini: Samschdeg, 11/04/2026, 10:00-12:00
Wou: Musée National des Mines, Rëmeleng
Sproochen: DE / EN

Wat wann mir déi roueg, geheimnisvoll Welt vun den ënnerierdesche Galerien entdecke géifen? An den ale Minièren **zu Rëmeleng sichen mir no klengen Déiercher, déi un d'Liewe an der Däischtert ugepasst sinn**, a mir entdecken och, wéi d'Biergleit fréier d'Minette aus dem Buedem geholl hunn. Eng originell Sortie tëscht Natur an lokaler Geschicht.

MELLT IECH HEI UN

De Bësch schmaachen – wëll Fréijoersplanzen

Wéini: Samschdeg, 25/04/2026, 10:00-14:00
Wou: Centre Nature et Forêt Ellergronn, Esch-Uelzecht
Sproochen: LU / DE / FR

Entdecken, sammelen, kachen… an duerno schmaachen! Am Ellergronn gi mer op d'Sich no **Fréijoersplanzen a -kraider**. Dobäi léiere mir wéi een se erkennt, wat ee benotze kann, a wéi een se a **kleng lecker Plate** verwandelt. Um Schluss iessen a genéisse mir zesummen dat, wat mir mat de frësch gesammelte Saache preparéiert hunn.

MELLT IECH HEI UN



D'BIOSPHÄR MAT SCHÜLER A JONKEN ERLIEWEN

Och **fir Enseignanten an Educateure** starten eis Minett Natur an Ëmwelt Léier Labs nees voll duerch.

Maacht Är Schüler zu „Nature Explorer" an entdeckt mat hinnen op eng spannend a pedagogesch ugepasste Manéier wat d'Minett UNESCO Biosphere alles ze bidden huet.

Ausfluch: "Fréijoer am Land vun der rouder Äerd"

Fir: Grondschoulklassen
Dauer: 2 Stonnen (09:00-11:00)
Datumer: 25/03, 26/03, 17/04, 21/04, 24/04
Wou (no Wiel): Léiffrächen (Käl) oder Ellergronn (Esch-Uelzecht)

E Fréijoersausfluch fir **Aen an Ouere ganz grouss opzemaachen**: mir observéieren, lauschteren, beréieren, richen… a léiere, wéi Liewewiesen ënnerenee verbonne sinn. De Spadséiergang, mat **spillereschen a sensoresche Momenter**, ass ofwiesslungsräich an esou organiséiert, datt d'Kanner **"richteg dobaussen" léieren** a mat einfachen Iddien heemginn, fir der Natur eppes Guddes ze dinn.

ÄR KLASS FIR DEN AUSFLUCH AN D'LÉIFFRÄCHEN UMELLEN

ÄR KLASS FIR DEN AUSFLUCH AN DEN ELLERGRONN UMELLEN

Atelier “Minett INK”
Kreativ Plakater op ökologesche Supporte gestalten

Fir: Jonker tëscht 6 an 19 Joer (Grondschoul, Lycée, Maison Relais)
Dauer: 2,5 bis 3 Stonnen
Datumer: op Ufro - méindes, donneschdes oder freides moies
Wou: Centre Nature et Forêt Ellergronn (Esch-Uelzecht)

En Atelier fir Plakater, Flyer oder Mini-Brochuren iwwer d’Natur ze gestalten - **kreativ a méi ökologesch**. Déi Jonk entdecken **d‘Risographie** (japanesch Drocktechnik mat Soja-baséierter Tënt) a huelen net just eenzegaarteg Kreatioune mat heem, mä léieren och méi iwwer Biodiversitéit a verantwortlech Kommunikatioun.

MAT JONKE KREATIV GINN

Escape Game Minett

Fir: Jonker tëscht 10 a 14 Joer
Dauer: ongeféier 4 Stonnen
Datumer: op Ufro (ouni Animateur vun der Minett Biosphere)
Wou: Giele Botter (Nidderkuer) oder Haard (Diddeleng)

Zwee “Escape Games” an der Natur, fir **spilleresch ze léieren**: Rätselen, Exploratioun an Entdeckunge ronderëm Biodiversitéit, Geologie an d’industriell Geschicht vum Minett. De **Parcours leeft duerch en aalt Dagebaugebitt**, mat verschiddene Statiounen, wou Rätselen am Team musse geléist ginn.

D’Sprooch vum Spill ass Däitsch a mir recommandéieren 1 Betreier op 10 Jonker matzehuelen.

BUCHT E MINETT ESCAPE GAME

CREA-FUTURE: E PROJET OP MOOSS

Dir wëllt en **themateschen Dag oder e méi laangfristege Projet** ronderëm Biodiversitéit, Geologie oder d'Geschicht vum Minett mat Ärer Klass oder Ärem Jugendgrupp maachen?

Schreift eis, a **mir bauen dat zesummen op** - no äre Besoinen a Méiglechkeeten.

Hei fannt Dir **Beispiller wéi esou Projet kann ausgesinn** a wat dobäi kann erauskommen.

MELLT IECH FIR E PEDAGOGESCHE PROJET OP MOOSS

pro sud

MINETT UNESCO BIOSPHERE